N°2163
Entrée le 31.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.**

D'Gesondheetsministesch huet mer Informatiounen zu der Aarbecht vum Collège médical geliwwert.

De Collège huet ënnert anerem d'Missioun, fir en eventuellt Feelverhale vu Medezinner ze kontrolléieren an dofir ze suergen, dass Dokteren sech un d'ethesch an deontologesch Reegelen halen.

De Collège huet d'Méiglechkeet, fir de Parquet oder d'Gesondheetsdirektioun zu Enquêten anzeleeden an ee Conseil de Discipline kann op Basis vum Gesetz vum 8te Juni 1999 Strofe géint Medezinner decidéieren, sollt ee Feelverhale vun engem Medezinner festgestallt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Enquêten huet de Collège médical zënter 2019, opgeléscht pro Joer, beim Parquet oder bei der Gesondheetsdirektioun ugefrot?

2. Wéi oft huet de Conseil de discipline zënter 2019, opgeléscht pro Joer, Sanktiounen decidéiert?

3. Duerch den Artikel 19 vum Gesetz gesäit eng Verjärungsfrist fir Disziplinarmoossname vir, déi de Conseil de Discipline. Dës Verjärungsfrist schéngt och dann ze gëllen, wa scho bei der Justiz eng Affairen an der Prozedur ass, wat an de Vergaangenheet zu Verjärunge gefouert huet, wéi ee Land-Artikel vum 17te Februar 2012 et beschreift.
   - Wéi oft sinn zënter 1999 Dossiere vum Conseil de Discipline wéinst Verjärungen refuséiert ginn?
   - Wäert d'Regierung Ännerungen um Gesetz virhuelen, fir dofir ze suergen, dass d'Verjärungsfrist entweder eropgesat gëtt, oder d'Verjärung am Fall vun enger lafender Geriichtsaffär zum selwechten Dossier net gëllt? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten